# Pro a contra Abonnementsconcerten

Guy Engels

Dës lescht war an der *Süddeutschen Zeitung* en intressante Pro a Contra iwwert de System vun den Abonnementsconcerten ze liesen.

Abonnementsconcerte sinn eigentlech eng Ierfschaft aus dem 19. Joerhonnert, wéi d'Concertswiesen ëffentlech an zum Deel och demokratesch ginn ass. Aus den Hänn vum Adel ass d'Kulturliewen an d'Responsabilitéit an och d'Finanzéierung vun der Bourgeoisie iwwergaangen. Dorausser huet sech lues a lues deen ëffentlechen Theater-, Operen- a Concertsbetrieb entwéckelt, esou wéi mer en an Europa kennen.

Abonnementer spillen an deem System eng wichteg Roll, well se eng gewëss Sécherheet beim Plange bidden. Grad wéi d'Zeitunge setzen och d'Kulturheiser esou op d'Garantie vun engem groussen Deel vun hire Recetten. Dat ass jo och net onwichteg, schliisslech muss net nëmmen de Programm finanzéiert ginn, mä et sinn och Peien ze bezuelen – an d'Mataarbechter zielen drop, datt se pénktlech a regelméisseg bezuelt ginn.

Abonnementer hunn och grouss Virdeeler fir de Public: Mat engem Siess huet een Tickete fir eng Rëtsch Opféierungen a sech och selwer verflicht, bei verschiddene Kulturmanifestatiounen derbäi ze sinn. Dat gëllt besonnesch fir déi eeler Generatioun, déi mat dësem System zënter Jorzéngte gewinnt ass, an déi sech och beschwéiert, fir all Concert an der Schlaang bei der Keess ze stoen oder sech mat der Praxis vun der Reservatioun iwwer Internet ze beschäftegen.

Déi jonk Generatioun huet domadder kee Problem. Si reagéiert souwéisou vill méi spontan op déi enorm Kulturoffer. Mat Abonnementer lackelt een haut nach kaum jonk Leit an e Concertssall. Wat maache mer den Owend? Wat gi mer wou lauschteren? Decisioune fale kuerzfristeg, an dorobber muss sech de Concertsbetrieb méi wéi jee astellen. Beim Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg hu se festgestallt, datt de fräie Verkaf eng ëmmer méi wichteg Roll spillt. Abonnementer si jo och haut kee bëllege Spaass méi, och wann d'Präisser generell nach gënschteg si par Rapport zum Ausland. Mä an der Zäit hat een een oder zwee Abonnementer – an dann hat ee scho bal alles gehéiert, wat an enger Saison zu Lëtzebuerg gebuede gouf. Dat ass haut ganz anescht – an de Choix ass net einfach fir de Meloman.

D'Organisateure mussen also nei Weeër sichen, fir hir Concerten ze verkafen, un de Mann ze bréngen. D'Berliner Philharmoniker sinn zum Beispill dozou iwwergaangen, en Internetabonnement unzebidden. Mat däer néideger technescher Ariichtung kann een also ganz kamoud doheem d'Berliner Philharmoniker live erliewen. Den OPL huet en ähnleche Wee ageschloen. Eng Rei vu sengen Abonnementsconcerte kann een um spezialiséierten Internetsender Medici TV kucken a lauschteren.

Natierlech ass de Concert um Ecran doheem net mat der Atmosphär vum Concertssall ze vergläichen, mä et ass awer vläicht ee Wee, och engem méi jonke Publikum Appetit op sinfonesch Concerten ze maachen. Well dat ass schliisslech de Grondproblem fir all Organisateur vun haut – de Concertspublikum gëtt ëmmer méi al, an däer Jonker réckelen net genuch no.

Do brauchen all d'Organisateuren an Zukunft vill Fantasie, ëmsou méi, well och an deem Beräich de Konkurrenzkampf ëmmer méi haart gëtt an et bei Munneche ganz einfach ëm d'Iwwerliewe geet. ◆

*Kulturchronik vum 23.12.2009*

**Natierlech ass de Concert um Ecran doheem net mat der Atmosphär vum Concertssall ze vergläichen, mä et ass awer vläicht ee Wee, och engem méi jonke Publikum Appetit op sinfonesch Concerten ze maachen.**

*De Guy Engels ass Museksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*